2017
SPEZIAL
EDITIOUN

# RETRO REWA NEWS



CIPA
‹‹ Résidence Op der Waassertrap ››




Grondsteen 17/04/2009



Chantiersfest 20/08/2010



Chantiersfest 20/08/2010



Chantiersfest  Mee 2011





Chantiersfest  Mee 2011

Commune de Sanem

# Inhalt


| | |
|---|---|
| 3. | Editorial |
| 4.- 5. | Historik |
| 6. | Plënneren an Ausflich / Aweiung mat der Ministesch Marie-Josée Jacobs |
| 7. | Service Administratioun |
| 8.-11. | Infos |
| 12. | Merci / Palliativ |
| 13.-14. | Animatioun |
| 15. | Menage / Restaurant |
| 16. | Kichen |
| 17. | Service Technique |
| 18. | Service Therapeutique |
| 19. | Service Therapeutique / Extrait aus dem Kalenner vun der Animatioun 2012 |
| 20. | Projet Bien-être / BF2 |
| 21. | BF2 |
| 22. | ''Fräsche vun der Waassertrap'' |
| 23. | Projet Jonk an Al / Projet vum Personal |
| 24. | BF1 |
| 25. | BF1 / 't ass Kiermes am Duerf 2016 |
| 26. | E grousse Merci |



**IMPRESSUM**

| | |
|---|---|
| ZEITUNG VUM: | CIPA 'Résidence Op der Waassertrap' |
| REDAKTIOUN: | Residenten an d'Lola Feltz (éducatrice diplômée/Animation) |
| LAYOUT: | Lola Feltz |
| VERBESSERUNG: | Cliff Schmit |
| FOTOEN: | Personal vun der Equipe Animation a Marie-Paule Muller |
| DROCK: | IMPRIMERIE CENTRALE |
| ADRESS: | RESIDENCE Waassertrap \| L-4408 Belvaux |
| TEL.: | +352 59 49 40 - 1 |
| KONTO: | Kontosnummer fir en 'Don' LU35 0019 5201 0195 3000 bei der BCEE. |
| INTERNET SITE: | www.cipa-sanem.lu |

# Editorial



Den 12. Juli 2017 sinn et schonns 5 Joer hier, dass mer op eisen neie Site op de Belval geplënnert sinn !

Déi Leit, déi dobäi waren hu sécher nach a gudder Erënnerung wou d'Busser den 12. Juli 2012 moies um Scheierhaff stounge fir en Ausfluch mat eisen 80 Residenten ze maachen. Owes nom Ausfluch sinn si an deem neie CIPA ‚Résidence op der Waassertrap' ukomm wou an der Tëschenzäit all d'Miwwel geplënnert gi waren a si konnten dunn an hir nei Wunneng goen, déi fäerdeg installéiert war.

Ech muss schonns soen, dass dat eng kleng organisatoresch Meeschterleeschtung vun all de Leit war, déi do matgeschafft hunn.

Eis Residenten hu sech schnell an den neie Raimlechkeeten erëmfonnt an hunn appreciéiert, dass alles maximal behënnertegerecht gebaut war. Schonns 1 Mount méi spéit, Mëtt August, ware mer op 120 Residenten am CIPA REWA, also komplett beluet.

Am Virfeld vum Plënneren hunn d'Responsable mam Personal vill un der Organisatioun vum neie CIPA geschafft. Sou hu mer 2013 e Qualitéitspräis vum MLQ (mouvement luxembourgeois pour la qualité) kritt a sinn dat éischt Haus wat ISO 9001-2008 zertifiéiert ass, an dat zanter 2014.

Aner wichteg Auszeechnunge sinn nokomm wéi de Label vun der 'Superdreckskëscht' oder vu 'Fairtrade' fir der nëmmen e puer ze nennen.

Duerch eis intern Enquêten, Versammlungen a Froebéi, déi mer reegelméisseg auswäerte, gesi mer dass d'Zefriddenheet bei eise Bewunner an hire Familljen héich ass. A mer sinn houfreg drop.

Esou Meritten hätte mer ni kritt ouni dass eist Personal do mat gehollef hätt. Et ass duerch si, wou d'Valeuren an d'Philosophie vum CIPA zum Droe kommen a si sinn de Vecteur fir Decisiounen an der Praxis ëmzesetzen!


Och an der Zukunft wëlle mer alles dru setze, fir dass et sech gutt am CIPA 'Résidence op der Waassertrap' liewe léist, a mer hu grousst Vertrauen an eis Mataarbechter deene mer fir hiren Asatz am Déngscht vun eise Residenten a Cliente villmools **Merci** soen.

WILLET Alain

# Historik



- **1976**: Entscheedung fir en Altersheim zu Zolwer um 'Loetschef' ze bauen
- Dezember **1978**: Éischte Grondsteen
- **1983**: Aweiung vum Altersheim
- **15. Februar 1983**: Déi éischt Residente kommen an d'Altersheim



1983

Altersheim

Infirmière gérante

LIBAR Marie-Claire


- **1999**: Duerch d'Aféierung vun der Assurance Dépendance gëtt aus dem Altersheim e CIPA.

1999

Résidence Dickskopp

Direkter vum CIPA

SCHWIRTZ Romain



2008

Résidence Dickskopp

2008

Résidence Dickskopp



Direkter vum CIPA



WILLET Alain

- **Abrëll 2009:** Éischte Grondsteen
- **Oktober 2009:** Ufank vun dem Bau
- **2010:** Éischt Chantiersfest
- **2011:** Zweet Chantiersfest
- **12. Juli 2012:** Grousse Plënnerdag an dee neie CIPA
- **Juli - Enn August 2012:** Nei Admissioune fir op 119 Residenten ze kommen
- **29. November 2012:** Aweiung vum CIPA ''Résidence Op der Waassertrap''



2012

Résidence Op der Waassertrap



2017

Bis haut ...

# Plënneren an Ausflich











12. Juli 2012

# Aweiung mat der Ministesch Marie-Josée Jacobs








29. November 2012





# Service Administratioun

Eise Service huet deemools hei am REWA mam Cynthia Bellinato als Responsable vum Service, mam Claudia Scigliano als Léiermeedchen, mam Ramona Urbing a Michaela Flamini als Sekretärinnen, a mam Tammy Michels a Simone Emeringer als Receptionistinnen ugefaang.

Eise Bureau:

Et huet vill geännert. D'Ramona an d'Cynthia sinn 2012, resp. 2013 an d'Gemeng gewiesselt an d'Michaela ass fort gaangen. 2013 koum d'Andreia Guedes an de Bureau, wat säit dësem Joer och Responsabel vum Service ass. Nodeems d 'Claudia seng Léier gepackt huet ass och hat weider gezunn. D 'Mandy Kremetter war déi nächst 2 Joer eist Léiermeedchen. Säit 2015 ass d 'Sandra Diaz Trigo dobäi. Wann alles gutt geet, ass et dëst Joer am August och fäerdeg mat senger Léier a mécht Platz fir dat/deen nächst/e Léiermeedchen/Bouf.

2014 ass eise Service mam Sylvie Duarte als Comptabel erweidert ginn.

Eis Receptioun:




Tammy empfänkt d'Leit ëmmer nach an der d'Receptioun, während d 'Simone 2013 an de Bureau gewiesselt ass an och bis 2015 Responsabel vum Service war. D'Receptioun krut du mat engem richtege Sonneschäin Verstäerkung. Dat war d'Mireille de Waha, dat bis 2015 hei bliwwen ass. 2015 koum d 'Stéphanie Besnard am Plaz, wat awer no engem knappe Joer erëm fort gaangen ass. Zënterhier ass d'Simone Funck dobäi.



Am Mee 2016 huet de Storch gläich 2 mol an eisem Service zougeschloen. Tammy an d'Sylvie kruten am Ofstand vun 3 Wochen 1 Bouf an 1 Meedchen. D'Receptioun gouf doropshin zäitweis vum Mireille an duerno vum Mandy besat, bis Tammy aus dem Congé parental zréck war.



An der ganzer Zäit krute mer dann och e puer mol pelzege Besuch. Doheem ausgebéchst an dann einfach mol an de CIPA Moie soe komm. Mat Hëllef vun der Déierendoktesch vu Bieles oder dem privaten Déiereschutz konnten d'Muppen dann awer all séier zréck bei hier Besëtzer.

**Tammy**





| | |
|---|---|
| 2013 | 20493,37 |
| 2014 | 22568,14 |
| 2015 | 19854,35 |
| 2016 | 20934,56 |
| **Total** | **83850,42 €** |

# Formations

| | Nombre de Personnes | Nombre d'ETP | Nombre de formation | Heures |
|---|---|---|---|---|
| 2013 | 80 | 72 | / | 2082 |
| 2014 | 87 | 79 | 211 | 3214 |
| 2015 | 71 | 63 | 256 | 2903 |
| 2016 | 91 | 81,75 | 199 | 2882 |



# Formations




# Versammlungen




| | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | TOTAL |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Equipe Dirigeante | 28 | 17 | 26 | 35 | 31 | 12 | 149 |
| Aner Versammlungen | 27 | 29 | 38 | 77 | 64 | 5 bis Abrëll | 240 |





| | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Stages | 0 | 31 | 60 | 88 | 83 | 45 |
| SNJ | 1 | 5 | 8 | 16 | 12 | 4 |
| Apprentie ASF en formation | 1 | 2 | 4 | 4 | 2 | 2 |
| Apprentie cuisine | 1 | 1 | 3 | 2 | 2 | 2 |
| Apprentie administratif | 1 | 2 | 1 | 1 | 1 | 1 |
| Etudiants job vacances | 5 | 7 | 13 | 11 | 9 | / |


# Zuel vun de Residenten VA ET VIENT




## Vakanzebett




| | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 |
|---|---|---|---|---|
| Occupation du Lits de Vacances | 94,80% | 93,89% | 86,29% | 89,14% |






# Foyer du jour

2012 à 6 Persounen



2013 à 8 Persounen



2014 à 11 Persounen



2015 à 12 Persounen



2016 à 16 Persounen



2017 à 11 Persounen
bis Abrëll



4 Pédicures

2 Psychologues

2 Cabinets Kinésithérapeutique

## Intervenants externes




1 Orthophoniste


8 Dokteren / Médecins

Dovunner kommen den Dr Lech, Dr Steffen et Dr Beck reegelméisseg an de CIPA.

# Personal

am CIPA mat engem ‘Contrat à durée indéterminée’

| | Entrée | Départ | Nombre de personnes en CDI | | |
|---|---|---|---|---|---|
| 2013 | 19 | 5 | 125 | | |
| 2014 | 10 | 5 | 130 | | |
| 2015 | 14 | 9 | 135 | | |
| 2016 | 7 | 8 | 134 | | |



| Stonnen | |
|---|---|
| 2013 | 210084,4 |
| 2014 | 232405,5 |
| 2015 | 225088 |
| 2016 | 222034,3 |
| | 889612,2 heures |



2017

schaffen den **Dan Weiler**, eise Kach

an d‘ **Carmen Mordiconi**, aus dem

Ménage




Joer am CIPA !




Fir déi 4 Joer sinn dat

49380€

| DON'EN | |
|---|---|
| 2013 | 1990 |
| 2014 | 11145 |
| 2015 | 9805 |
| 2016 | 26440 |




61 Joer

107 Joer

*Wer im Gedächtnis seiner Lieben lebt, der ist nicht tot, der ist nur fern;*
*tot ist nur wer vergessen wird.* (Emanuel Kant)

# Palliativ

De Grupp-Palliativ gëtt et säit dem Mee 2014. E setz sech aus **8 Persoune** mat ganz ënnerschiddleche Beruffer zesummen. Dat erméiglecht et eis ganz vill Beräicher an der Begleedung vun enger Persoun, déi am Stierwe läit, ofzedecken. Zu deene Beruffer gehéieren: Infirmièren/ Infirmier, Aide-soignanten, Aide socio-familiale, Ergotherapeute, eng Psychologin an eng Educatrice. Mir alleguerten hunn nieft eiser berufflecher Ausbildung nach eng Sensibiliséierungsformatioun vu 40 Stonne bei Omega90 gemaach, zousätzlech hu 5 vun eis nach eng Verdéiwung vun 160 Stonnen ofgeschloss. Donieft sinn och Leit am Beräich Snoezelen, basal Stimulatioun an Aromalogie forméiert.

**Begleedung vun der stierwender Persoun. Zil vun eisem Grupp ass et eise Residenten an hire leschte Wochen, Deeg oder Stonnen bäizestoen**

Vun **2014 bis 2016** sinn 77 Residente verstuerwen, dovunner **26** am Spidol an **51** hei am Cipa. Eis verstuerwe Residente sinn awer nom Doud net vergiess. An engem Kondolenzbuch gëtt hirer geduecht an an eisem Gaart stinn zwou Steelen, op deenen hire Numm veréiwegt ass.

**Karin**

# Animatioun



Am Juli 2012 ware mir zu
(Educatrice, Auxiliaire de vie, Aide soignante +  Tiercen)
**7 + 6  = 13 Leit Personal**

**2017** besteet d'Equipe vun der Animatioun  aus
Educatrice, Auxiliaire de vie, Aide soignante, aide socio familial, statut handicapé, non qualifiée + Tiercen)
**23  + 8  = 31 Leit Personal**

**Mir hu ronn 31 Aktivitéiten am Repertoire, déi reegelméisseg ugebueden ginn.**

SangenDanzamsëtzenGesellschaftsspillerBastelenZeitungliesenGedächtnis TrainingBakenFilmProjektiounenDekoratiounenSportaSpillKeelespillenAusflichSortienPoterStonnAkafenDokteschRendezvous'enGymDouceMassagenFesterRelaxatiounBiographieSpazéierenBingoQuizMusikatelierBasalStimulatiounManicureSëtzvolleyballKeramikKaffisstuffGaardenaarbecht

| Transport |  |
|---|---|
| 2013 | 178 Stonnen a  15 Minutten |
| 2014 | 432 Stonnen an  20 Minutten |
| 2015 | 475 Stonnen an  10 Minutten |
| 2016 | 357 Stonnen a  45 Minutten |
| 2017 bis Abrëll | 131 Stonnen a  15 Minutten |



2015 si mir **87** Mol an de **Cactus** gefuer.
2016 si mir **56** Mol an de **Cactus** gefuer.





# CIPA ON TOUR







Maart

Zirkus

Ausflich/ Visiten

Fuesbal



INNEC Concert

Theater

Kiermes

Oktav



## Sortien



Gënzefest

Kino

Sprangpressessioun

Schueberfouer







Krëschtmaart

Emaischen











## Menage

5 Jahre klingen lang, doch sie vergingen wie im Flug. Einige fleißige Mitarbeiter haben uns verlassen, aber dafür haben wir auch neue tatkräftige Unterstützung bekommen. Neu in unserer Equipe sind Chanti, Clara, Vera und Catherine, die wir hiermit auch herzlich begrüßen. Vor 5 Jahren starteten unsere fleißigen Feen aus der Buanderie mit der Wäsche von gerade einmal 60 Bewohnern. Mittlerweile sind wir bereits bei knapp 90 Bewohnern, die ihre Wäsche über uns, in Zusammenarbeit mit der deutschen Firma HABER, machen lassen. **Sabrina**



De Service **Restaurant** huet sech ëm **4** Leit vergréissert an deene leschte 5 Joren.
Mir hu misse léiere mat engem PC ëmzegoen a mam Programm Prosy's, wat e Programm vun de Keesen ass. Ech kann lech soen, dass dat guer net esou evident war.
Eis Schaffzäiten hunn och am neie CIPA geännert. Soss hu mir vu 6:00 - 14:00 Auer geschafft an elo schaffe mir vu **7:00 – 15:00 Auer.** Mëttes ware mir do vun 12:00 – 20:00 Auer an elo ass eis Schaffzäit vun **11:30 -19:30 Auer.**
Zu eisem Service hu mir och de Shop (Buttek) bäi kritt. Am Ufank hate mir e Sortiment vun ongeféier **35** verschiddenen Artikelen.
Mëttlerweil proposéiere mir lech **120** Artikelen am Shop.

Zënter kuerzem ass eis Cafeteria och de Weekend owes bis **20:30 Auer** op an net méi bis 18:00 Auer ewéi bis ewell.

Mir hunn zënter 2016 kee Responsabele méi an der Hotellerie an d' Responsabel vum Restaurant huet och geännert.

An der Tëschenzäit sinn och schonns 3 vun eise Kollegen a Pensioun gaangen.

**Nathalie**

# Kichen

An der Kiche schaffe 4 Käch, 1 Pâtissier, 2 Léierbouwen an 11 Leit déi hëllefen ze kachen an d'Spull ze maachen.

All Joer ginn

**43800** ‚Petits déjeuner'en an

**43800** Owesiesse gemaach.

Mir maache ronn **85000** Mëttegiesse pro Joer fir déi Leit, déi hei am CIPA wunnen a fir d'Personal.

De ‚Repas sur roues' gëtt fir de ‚Centre de Formation' vun de Camionschaufferen ausgeliwwert.

Mir kache fir Leit, déi eng Feier hei am Haus organiséieren an och fir eis Fester.

**Dan**



4 x 172600 =


**690400 Iessen** a 4 Joer

Enn 2017 wärten et ronn

863000 Iesse sinn.

**An engem Joer verschaffen mir:**

| | |
|---|---|
| 7200 Liter | Mëllech |
| 1500 Kilo | Botter |
| 3500 Liter | Ram |
| 32000 | Yughurte |
| 5600 Kilo | Brout |
| 800 Kilo | Kéis |
| 7800 | Kaffiskichelcher |
| 10000 Kilo | Fleesch a Charcuterie |
| 3000 Kilo | Uebst |
| 10000 Kilo | Gromperen a Geméis |
| 6000 | beluechte Bréidercher fir d'Personal |



Am **Service Technique** schaffe 4 Leit: de Christian, de Raphael, de Sachary an hiren Responsabel, de Cyril. Reegelméisseg hu mer och Jonker dobäi, déi nieft der Schoul d'Nues an d' Beruffsliewe stiechen, fir emol ze gesinn ewéi dat esou ass.

Mer këmmeren ons ëm den Transport vum Foyer du Jour, ëm dat ganzt Gebai, ëm d'Autoen, ëm divers Projet' en wéi z.b déi Televisioun an der Receptioun, ëm d'Renovatiounen. Mir paken deenen anere Servicer och gären eng Hand mat un, wa Fester sinn.

Ee vun onse grousse Schantercher ass dee ganze System vum 'Schwesternruf', vun deem an der Moyenne 46000 Mol d'Joer profitéiert gëtt. Si musse vill matmaachen, déi kleng Knäppercher do, a mer si bal all Dag am gaangen d'Batterien ze wiesselen oder ganz Aueren an d'Rei ze setzen.

Et gëtt och all Joer méi ze flécken. Hei ass en Tableau vun onsen Zuelen déi recencéiert goufen. Hei schwätze mer vun 'NORMALEN' Ufroen. D'Urgence ginn direkt traitéiert a sinn net opgefouert.

| Joer | Interventiounen |
|---|---|
| 2013 | 338 |
| 2014 | 379 |
| 2015 | 480 |
| 2016 | 775 |
| 2017 | 302 - bis Abrëll |





Säit Ufank u setzt sech de CIPA och fir d'Ëmwelt an, a probéiert esou gutt ewéi et geet Dreck ze vermeiden. Mir sinn dofir mat der beschter Note vun der Superdreckskëscht ausgezeechent ginn, wou mer all Joer onse Label 'Superdreckskëscht fir Betriber' erneieren. Fir e Beispill ze ginn: Mir hu mat 3 aneren CIPA 'e verglach, déi vu Bewunner a Personal op d'nämmlecht vill Käpp kommen, an d'Resultat ass, dass mir hei zu Bieles bal 30% manner an déi Gro Poubelle geheien. **Cyril**

## Waasserverbrauch



| Date | | € |
|---|---|---|
| 2013 | 12076 | 44089,66 |
| 2014 | 7658 | 40928,08 |
| 2015 | 7841 | 41574,83 |
| 2016 | 7711 | 40980,27 |
| TOTAL | **35286** | **167572,84** |

| | Stroumverbrauch (en kWh) | € |
|---|---|---|
| 2013 | 1112812 | 117856,18 |
| 2014 | 992827 | 126707,62 |
| 2015 | 979217 | 108802,65 |
| 2016 | 943597 | 101589,12 |
| Total | **4028453 Kw** | **454955,57** |



Während deene 5 leschte Joren huet de

**Service Thérapeutique** vill geännert. Et fänkt schonn domadder un, datt et de Service nach net ginn ass, wou mer 2012 geplënnert sinn. Vue datt d'Emilie (och mol Ergomilie genannt, fir net mam Emilie De Temmerman vum BF1 verwiesselt ze ginn) eleng war, huet et einfach zu de Soins gehéiert. Wou den Alain bis bäikomm ass, a viru kuerzem d'Laura, krute si hiren eegene Service : de **Service thérapeutique.** Dee besteet elo aus 1 ½ Ergothérapeute an 1 Kinésithérapeute.

Am Ufank hat de Service och kee feste Büro. D'Emilie ass vum Computer vun de Soins'en bei dee vun der Animatioun gewandert, a munchmol souz et och am Gang mam Computer um Schouss. Do krut et vu verschidde Residenten de Spëtznumm "das tapfere Schneiderlein". No an no krute si awer de Sall "Am Schlass" um 2.Stack als Büro an e klengen Aktivitéitsraum, an



2017 souguer en neie Sall um Rez-de-chaussée fir alles wat d'Beweegung ugeet. Dohier och den Numm vum Sall "Fit a Gesond".

**E puer Zuele vun 2012 bis 2017**:

Et si ronn **4400** individuell Prise en Chargë vum Service gemaach ginn. 90 dovunner si fir allgemeng Beweegung, komplementar zu den externe Kiné'en déi iwwer Ordonnance vum Dokter heihi kommen. De Rescht si fir Gediechtnis-Übungen (säit 2016), géint de Wéi oder fir Massagen a Wuelbefannen.



Säit 2015 si geschate **4.000 km Vëlo** gefuer ginn. Dat ass vun hei bis an de Burkina Faso oder bis op Jerusalem. Dat ass och 500km méi wäit wéi den Tour de France 2017.

Säit Oktober 2014 gëtt 2x an der Woch en "Atelier d'Equilibre" ugebueden. Bis elo hu mer schonn **230 Seancë** gehalen, **1200** Participatioune gehat a **45** Residenten déi reegelméisseg drun deelgeholl hunn.



Well net ëmmer alles rosa ass, hu mir innerhalb vu 5 Joer awer och **1200** Chutten opgeschriwwen. All Kéiers wann ee fält, gëtt dat opgeschriwwen. Net fir dem Resident de béise Fanger ze weisen, mee fir zesummen eng Léisung ze

siche fir datt et net méi oder sou mann wéi méiglech virkënnt. Dofir hu mir och eng Brochure fir d'Präventioun ausgeschafft gehat an all Joer gi Statistike gemaach.
Mam Plënneren an den neie CIPA REWA si vill nei Residente bäikomm, d.h. awer och vill "Technesch Hëllefsmëttelen" (dat sinn d'Rollatoren, d'Rollstill, asw.). Säit 2012 si +/- 430 Hëllefsmëttelen an d'Haus erakomm, an +/- 310 erëm zeréck un d'Fleegeversécherung / de SMA gaangen. De SMA ass ëm 125x an d'Haus komm, dat ass ongeféier all zweet Woch.
Viru kuerzem hu mir och mat der Animatioun an de Soins'en e "Groupe Bien Être" zesumme gesat, fir eis verschidden Approchen (z.B. Snoezelen, Sophrologie, Massage-Bien-être, Aromatherapie, asw.) an Observatiounen auszetauschen
Als kleng **Anekdoten** hu mer z.B. wou eng Fra, déi an der Bidde louch, ugefaangen huet eis den Aarm ze wäschen. Bei enger anerer Bidden hu mir d'Spruddelen ugemaach, an de Resident huet gemengt d'Waasser géif ufänke mat kachen. Verschidde Residente maachen heiansdo de "Geck" mam Emilie & Laura, datt se zu den Techniker géife gehéiere, wa si mam Aarbechtsgeschier komme fir d'Rollstill anzestellen oder ze flécken, ...

**Emilie D.**

Innerhalb vu **5 Joer** ass och nach dëst gemaach ginn :







**410** Gediechtnistester
**250** Gläichgewiichtstester
**86** Evaluatioune bei der Fleeg (kënnt ee gutt aus dem Bett eraus?, wéi geet et fir sech ze wäschen?, sech unzedoen?, asw.)
**255** therapeutesch Buedbidden (fir d'Muskelen ze entspanen, sech ze berouegen, asw.)
**140** mol ass am UPG mat de Bewunner gekacht ginn : Zoppen, Kniddelen, Gromperekichelcher, Quiche, Gratin, Geméis, an nach villes méi.

# Extrait aus dem Kalenner vun der Animatioun 2012

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Montag den | 16 | DEMENAGEMENT - PLENNERDAAG | | | |
| Dienstag den | 17 | 09.30 Sangen | 11.00 Bank | 14.00 Aktivitéit | 14.00 Aktivitéit |
| Mittwoch den | 18 | 09.30 Turnen | 11.00 Spiller | 14.00 Aktivitéit | 14.00 Cactus |
| Donnerstag den | 19 | 09.30 Aktivitéit | | 14.45 Bingo | |
| Freitag den | 20 | 09.30 SP/SP | 09.30 Aktiviteit | 14.00 Kaffistuff | |
| Samstag den | 21 | | | | |
| Sonntag den | 22 | 08.30 Mass | 10.00 GRILLFEST OP DER WAASSERTRAP | | |
| Montag den | 23 | 09.30 SP/SP | 09.30 Yoga | 14.00 Keelen | 14.00 Poterstonn |
| Dienstag den | 24 | 09.30 Sangen | 11.00 Bank | 14.00 Aktivitéit | 14.00 Keramik |
| Mittwoch den | 25 | 09.30 Turnen | 11.00 Spiller | 14.00 Bastelen | 14.00 Cactus |
| Donnerstag den | 26 | 09.30 Aktivitéit | | 14.45 Bingo | |
| Freitag den | 27 | 09.30 SP/SP | 09.30 Aktiviteit | 14.00 Kaffistuff | |
| Samstag den | 28 | | | | |
| Sonntag den | 29 | 08.30 Mass | | | |




# 5 Ans de BF2

## Mouvements au sein du personnel



3 membres du personnel de soin du BF1 ont intégré le BF2
GADDE Vera
DALSCHEID Daniel
GONCALVES Marlène
KLEE Emmanuel, infirmier, a intégré l'équipe le 16 mars 2017
NATALINI Daniella, aide-soignante, précédemment aux Soins à domicile, a intégré l'équipe du BF2 le 1er avril 2017

## Formations

KRICHLER Joana, infirmière a suivi la formation complète en « Soins Palliatifs » chez OMEGA 90 (360h) en 2016
SLAJTER Agnieszka, DE RON Myriam, infirmières, ont suivi la formation de base en Soins Palliatifs chez OMEGA 90 (40 h) en 2017



DE RON Myriam, infirmière, a suivi une formation de référent en humanitude et vient renforcer le groupe humanitude du CIPA dans lequel œuvre déjà depuis quelques mois en tant que référent Humanitude DIDIER Alain, Kiné dans notre établissement. La formation a eu lieu à Perpignan en avril et mai 2017 avec les piliers de l'humanitude : Yves Gineste et Rosette Marescotti.

## Anecdotes

- Une résidente atteinte d'Alzheimer est sur la toilette et demande : «  cela fait combien de temps que je suis ici ? »
  La soignante lui répond : « 2 ans »
  « Et cela fait 2 ans que j'ai la même culotte ? »



- Les aides-soignantes ont retrouvé une résidente désorientée, nue sur la toilette, dans la chambre d'un Monsieur qui heureusement n'a pas pu le constater par lui-même !

## Carnet rose

Tania, aide-soignante, en congé de maternité, a donné naissance à une petite « Louéna »



Mr et Mme Lambert ont fêté leurs 65 ans de mariage avec une réception donnée en leur honneur avec la présence de la famille, de la commune et de la presse.

Quelques couples se sont formés au sein du Cipa, soit au BF2, soit entre le BF1 et le BF2 !

## Soins Palliatifs

Mr Orlando, en fin de vie a eu encore le loisir de boire une bière à notre fête annuelle sur la terrasse et de manger un Thuringer.

Mme Wolf, décédée le 11 mai a eu l'occasion deux jours avant sa mort de participer à la sortie pour l'Octave après avoir fêté ses 80 ans, une semaine avant.



Mme Schumacher, notre doyenne a fêté ses 107 ans, avec les honneurs de la commune, de la presse et du CIPA.

Peu de temps après, elle a fait une chute et est décédée dans sa chambre entourée des siens et du personnel 24h/24h.

Nous avons eu l'honneur d'accompagner le Papa de notre ex-premier Ministre Mr Juncker.

Nous avons au sein de notre service le Papa du président de l'OGBL, Mr ROELTGEN André, ainsi que la Maman de notre Bourgmestre Mr ENGEL Georges.

**Myriam**



Am Joer 1997 ass de Lebboroni René an d'Animatioun gewiesselt. D'Résidence Dickskopp hat e puer ganz gutt Stëmmen. Dammen, déi fréier a Chorale gesongen hunn, hu sech zesummegesat an hunn decidéiert ze sangen. De René war mat där Idee direkt averstanen an huet sech ëm d'Texter vun de Lidder gekëmmert. Esou ass d'Sangen am Cipa entstanen.

D'Claudine Menghi an d'Brigitte Casali hunn zesummen ab dem Februar 2009 all Dënschdegmuere Sangen am Cipa ugebueden. Ee Mount drop koum d'Tamara Abate dobäi an am Joer 2011 huet d'Francesca Romeo d'Equipe vervollstännegt. Sangen, Danz am Sëtzen esou wéi Prouwe fir Optrëtter goufen astudéiert. Dës Aktivitéit gouf vu ville Bewunner besicht.

2012 si mir geplënnert a puer Ännerunge sinn dobäi komm. Sange gouf op Donneschdegmueres verluet. D'Claudine an d'Brigitte hunn sech aner Tätegkeeten ugeluecht. Verstäerkung krute mir vum Lola Feltz an dem Sabina Sabotic a säit Ufank 2017 kréie mir Hëllef vun eiser Musekstherapeutin, dem Véronique Cloos.

Dës Aktivitéit verleeft an enger gemittlecher Atmosphär. Et gëtt vill gelaacht an deen een oder anere falschen Toun léisst sech och mol eraus héieren. D'Bewunner komme gär an d'Sangen. Mir sange lëtzebuergesch, däitsch a franséisch Lidder, mee mir trauen eis och un italienesch an englesch Texter.

2016 huet de Chouer de Numm

**‘‘Fräsche vun der Waassertrap‘‘** kritt

Danz am Sëtzen ass eng schéin Art a Weis d'Bewunner un d'Beweegen ze kréien. Op flott Lidder ginn déi passend Beweegunge gemaach. Musek reegt un an och minimal Fortschrëtter säitens eise Bewunner si grouss Erfolleger. Mat Handbells a Boomwhackers sinn eis Bewunner och vertraut. All Bewunner huet seng eege Nout a si ginn dirigéiert wéini hir Nout an den Asaz kennt.

**Tamara**








# Projeten Jonk an Al














# Projet vum Personal




Dëst Joer hu mir als Personal decidéiert um ING Marathon deelzehuelen. Enger Course, bei der ronn 15000 aner Leefer mat dobäi sinn.



Samschdes, de 27.05.2017 ware mir mat dräi Equippen um Start.

D'Lola, d'Rosi, den Alain D. an d'Joanna, dann Tamara, d'Andrea, d'Marlène an d'Martine an di Drëtt de Cyril, de Carlos, den Donovan an d'Ana.

No der Aarbecht si mir 4 mol zesumme lafe gaangen a soss huet jidderee privat trainéiert. Mir sinn zesummen un de Start gaangen a mir sinn och all ukomm. Eis huet et zesumme geschweesst a mir si motivéiert fir och nächst Joer esou ee gemeinsamt Abenteuer unzegoen. **Lola**



# Le BF1 … retour sur 5 années au CIPA !

**Le personnel …**

Depuis 5 ans, nombreux sont les collaborateurs venus rejoindre l'équipe du BF1.



Les **"anciens"** de la Résidence 'Dickskopp' :
Infirmières : Georgiana, Sandra, Annick, Georgette et Emilie.
Aides-soignants et aides socio-familiales : Roland, Simone, Natascha, Maria, Senida, Alexandra, Laurent, Carole, Ana, Carole, Alma, Fanny et Beatrice.

Les **"petits nouveaux"** du CIPA 'Résidence op der Waassertrap' :
Infirmières : Andrea et Liliane.
Aides-soignants et aides-socio-familiales : Rodica, Linda, Claudia, Irena, Donovan, Mareike, Stéphanie, Nadine et Drenka.

Les **"chiffres clés"** :
93% du personnel du BF1 est formé en Humanitude
82% du personnel du BF1 est formé en Soins Palliatifs
38 soignants à la résidence "Dickskopp"
-> 54 soignants au CIPA "REWA"


**Le service …**

De nombreux projets ont vu le jour, dont notamment le **Finger Food** (en collaboration avec l'équipe de la cuisine) et la **salle d'éveil sensoriel.**

Le **potager du jardin** UPG a également pris forme, grâce à nos résidents et à l'accompagnement de l'équipe animation. Les légumes et herbes aromatiques récoltés permettent aux résidents accompagnés de nos 2 ergothérapeutes de réaliser le repas en cuisine thérapeutique chaque mardi.











**<u>Les résidents ...</u>**

**80** résidents vivaient à la Résidence "Dickskopp".

Ils sont depuis **120**, 58 au BF1 et 62 au BF2.

Parmi les 58 résidents du BF1 : Mme Hansen, Mr Muller, Mr Becker, Mme Becker, Mme Molitor, Mme Rosswinkel, Mme Mander, Mme Korpys, Mme Harsch, Mme Michelis et Mme Sperner ont connu, pour y avoir vécu, la résidence "Dickskopp".

**Petites anecdotes :**

* Celle-ci s'est passée avec un ancien résident de l'UPG, atteint de la maladie d'Alzheimer, lors de l'accompagnement pour la mise au lit. Le résident ne comprenait pas ce qu'il devait faire. L'aide-soignante a alors mimé au résident comment il devait se mettre au lit. L'aide-soignante, dans son mime, s'installe alors sur le lit et le résident lui dit : "Ah non ma petite pas ce soir, je suis trop fatigué !"

* A la veille du déménagement dans le nouveau CIPA, la fille d'un de nos résidents (atteint de la maladie d'Alzheimer) expliquait à son père qu'il allait déménager à Belval. Son père lui a répondu : Oh je dois encore aller travailler ?!

**Emilie D. T.**





't ass Kiermes am Duerf 2016 't ass Kiermes am Duerf 2016 't ass Kiermes am Duerf 2016





't ass Kiermes am Duerf 2016 't ass Kiermes am Duerf 2016 't ass Kiermes am Duerf 2016





**CIPA "Résidence Op der Waassertrap" Belvaux**
**60, rue Waassertrap**
**L-4408 Belvaux**
Tél. +352 59 49 40 - 1
Fax. +352 59 49 40 - 33 99
Compte bancaire: LU35 0019 5201 0195 3000
BCEELULL
secretariat@cipa.sanem.lu
www.cipa-sanem.lu

Alain Willet
Directeur
594940-1
alain.willet@cipa.sanem.lu

Sylvie Duarte
Comptable
594940-9405
sylvie.duarte@cipa.sanem.lu

Cyril Turpel
Responsable du service technique

594940-9509
cyril.turpel@cipa.sanem.lu

René Lebboroni
Responsable du département
Animation & vie sociale
594940-9403
rene.lebboroni@cipa.sanem.lu

Nathalie Nicoletti
Responsable resto/cafeteria
594940-9408
nathalie.nicoletti@cipa.sanem.lu

Emilie De Temmermann
Responsable service BF 1
594940-9314
emilie.detemmermann@cipa.sanem.lu

Andreia Guedes
Responsable du service administratif
594940-9410
andreia.guedes@cipa.sanem.lu

Daniel Weiler
Responsable du service cuisine
594940-1
daniel.weiler@cipa.sanem.lu

Ben Wahl
Responsable du département
assistance et soins
594940-9402
ben.wahl@cipa.sanem.lu

Sabrina Hischer

Responsable service ménage
594940-9412
sabrina.hischer@cipa.sanem.lu

Loïc Schuler
Responsable service BF 2
594940-9324
loic.schuler@cipa.sanem.lu

# E grousse Merci

- un all déi, déi dozou bäigedroen hunn, dass dës Zeitung  konnt realiséiert ginn
- un d'Personal vum CIPA
- un déi Leit, déi eis esou generéis Don'en gemaach hunn
- un eis Fournisseuren
- un eis Gemeng



HAPPY BIRTHDAY



5 JOER CIPA